



## 't ass Fréijoer!

Eent vun deene Gefiller, déi och bei deem Granzegste vun äis 'eppes maachen'. Mir sinn nun emol e Stéck vun der Natur a gin, ob mir wëllen oder net, mat deem, wat si äis ze bidden huet. Et ass zimlech gelungen, wéi déi eenzel vun äis et mat de Joereszäiten hunn; déi allermeescht sinn de spéiden Hierscht an de Wanter ower net grad, fir an d'Luucht ze sprangen', ower d'Fréijoer mécht knapps een ,däreg'.

An eisem Deel vun Europa gëtt et keng Sprooch, an deer net en etlech begeeschtert, vrun allem ganz romantesch Texter, dmeescht Gedichter a Liddercher iwver d'Fréijoer ze fanne sinn; natierlech och iwver de Summer an den Hierscht. Et kënn een am Lëtzebuergeschen e ganz flotten Owend mat Joereszäite-Gedichter vum Jos. Keup, dem Marcel Reuland, dem Tit Schroeder, dem Pol Noesen asw. maachen, déi net onbedéngt hannert deenen aus dem Däitschen oder Franséische giffe stoen... do dann och matkréien, datt eis Sprooch mat Romantik a Gefiller ëmzegoe weess...wann een si am Grëff an dobäi dat néidegt Gespier fir Rhythmus/Takt huet.

Datt aus enger ganzer Rei vu Gefillsgedichter an allen Idiomen och wonnerléif Liddercher entstane sinn, ass fir jidfer Sprooch eng gutt Saach, well esou eng kleng Spillereie bei ville vun äis fir e ganz Liewen am Verhalt bleiwen. Näischt géint déi sëllegen Zorte vu GeRapps a Rämmidämmi, déi doruechter gebläert gi fir sech ze ,defouléieren', mä 99% vun deene verblatze ganz schëtzig, och wann se nach esou en héige ,Ranking' kritt haten. Ech erlabe mir hei, iech e butzegt Fréijoersgedichtchen ze zervéieren...vläicht kann et iech gefalen:

vum Lex Roth



### Fréijoer

*D'Fréijoer kënn dobausse luussen.  
't schéngt äis alles rëm méi ronn.  
D'Blieder, déi sech nach verfuussen,  
man sech prett fir raus an d'Sonn.  
't kann een lo de Schnéi vergiessen;  
all kleng Grëtzflack, déi nach kënn,  
packt de Stär fir gläich ze friessen,  
well hien s'och am Schiet nach fënn.  
't gréngelst op all Beem an Hoen.  
D'Fréijoersbléie man äis Freed.  
D'Krukertschwäerem kumme soen,  
datt et gläich rëm besser geet.*



Mat der ,Dichterei' ass et alt esou eng Saach. Déi meescht wëllen onbedéngt hunn, datt et ,reimt'; mä dat geet net duer, apaart wann déi Reimerei zesoe mat den Hoer erbäigezun ass; wa ganz normal gebaute Sätz gedréint, verdréint, gediebelt a gefaalt ginn, bis datt se an eng Zeil erapassen. Dat ass et ower net. Vu Rhythmus kann dann och net méi geschwat ginn, well do huet een d'Gefill, wéi wann ee fir en Tango op d'Danzpist gang wier, an deem op eemol e Marsch, eng Walz an eng Polka dotëscht geroden. Heifir huet de Pol Pütz emol eng Kéier e flotte Saz gesot: *Du reims a wann s de vreck!* Genee dat ass et. Hie selwer, grad wéi de Pir Kremer haten d'Dichten an eiser Sprooch am Spaass wéi am lescht immens genësseg an der Schreif... et wier iwregens guer net ,dolaanscht', wann e jonke Mënsch sech eis zolitt Dichter giff ,brancheweis' op de Leescht huelen, fir eng akademesch Diplomarbeit ze schreiwen, an zwar vum Tun Meyer iwver de Lentz, de Rodange an den Dicks bis bei déi hei uewen ernimmt Auteuren.

## Äis ass net Eis!

Et ass net fir d'éischt, datt hei driwwer geschriwwen gëtt, watfir en Ënerscheid et am Däitschen, dem Franséischen oder dem Engleschen tëscht dësen zwéi ,Pronomen/Fürwörter' gëtt. Am Lëtzebuergeschen ass et wierklech och esou. Huet dach emol e ganz einfache Saz fir déi Saach kloer ze maachen:

**Eis** Kanner maachen **äis** Freed.

**Unsere** Kinder maachen **uns** Freude.

**Nos** enfants **nous** font plaisir.

**Our** children make **us** pleasure.

Dann ass et also grammatesch laanscht den Dill, wa mir deen däitlechen Ënerscheid tëscht *Pronom possessif an démonstratif/bsitzanzeigndem an hinweisendem Fürwort* an eiser Sprooch einfach iwverginn! Just am Regional-Lëtzebuergesche vum Kanton lechternach ass en nach dran (éis Kanner maachen is Freed). Ass dat dann elo lizenzierelei? Dann ass et dat och bestëmmt an deene ,klassesche' Sproochen, déi hei uewen ernimmt sinn! Mol driwwer nodenken, wannechglift.

## Eise Sprooch-Pad

Leider gëtt ze dacks iwwersinn, datt eis Sprooch eng Hellewull Ausdréck huet, déi einfach net Wuert fir Wuert an egal watfireng aner iwwersat kënnen ginn. Sot dach emol zu Tréier, dir gengt no eppes ,gammesen' oder ,glëschteren'; da gitt dir just grouss gekuckt! Datselwecht wier bei enger ,Schlabäizchen' de Fall... déi meescht vun äis mengen ower, dës Ausdréck giffe souwisou vun iergendwou aus dem Däitsche kommen. Wat ganz dacks net stëmmt; ech kann iech ower och net verrode vu wou. ☺

Dofir schéngt et engem net vu Muttwëll, datt an deene leschte KLACKEN all Kéier eng kleng Rëtsch vu Sätz stinn, déi een emol soll probéieren op däitsch/franséisch ze iwwersetzen. Dat hëlleft dësem oder deem ganz bestëmmt op d'Gefill, datt eise klengen ,Idiom' säin eegene Piedchen trëppelt. An domat och goldrichteg de Wee an d'Constitioun vun eisem Land stoe kënn; ganz gutt ass och, datt bei deerselwechter Geleeënheet eis typesch Dräi- a Méisproochegkeet mat eragehol gëtt!

## Fir mol op D/F ze iwwersetzen:

Dajee, fuer elo duer.

Gëff dech net esou séier, wann déi birelen.

Hien huet sech nawell gutt druginn.

Kuck, datt ech meng Suën erëmkreien!

De Jang huet sech eng Fatzeg ginn.

De Jos huet ferm dobäigemaach.

Hënt war et déck schmeier.

't kumm e Wieder, an dat huet schéi geklaakt.

Ech hat deem eng drop ginn.

Dat huet hien net verquësst.

Ech hu mir Waasser an d'Gesicht gehäit.

De Männi huet sech de Blatz aus den Ae gepiddelt

Samschdës gëtt et ëmmer Schockelaskaffi.

Déi Knippercher sinn ower kleesper.

Kuck, dass du verkënns/ewech kënn.

## Filosofi?

Wann déi ,Fléipéitercher', déi sech ëm déi däitsch Orthographie bekëmmere sech konsequent giffe bleiwen, da misst Philosophie och esou geschriwwen gi wéi hei uewendrun; Orthographie gëtt jo dann och ,Ortografie'! Datselwecht wier de Fall fir ,Psikologie', ,Filharmonie', ,Fisik' asw. Hei kann een elo soen, am Italiéineschen, dem Spueneschen oder Portugisesche giff et dee griechesche ,ph' jo och net ginn...ower huet dir ewell dru geduecht, firwat? Dat huet mat historiesch-politesche Kulturkonkurrenzen ze dinn! Déi hat/huet de franséischen a vrun allem den englesche Sproochraum ower net; do gëtt einfach de sproochleche Fong vun deenen Ausdréck respektéiert! Wann een e Wuert wéi ,Photographie' hëlt (Fotografie), dann ass kloer, datt mir et mam griechesche ,photon' a ,graphein' ze din hun; et freet sech, firwat mir dat sollen ënnerdrécken; an et dierf een sech och d'Fro stellen, firwat MIR am Lëtzebuergeschen dem DUDEN sollen nolafen. Näischt fir ongutt, ower, *unsere Sprache ist so wenig deutsch wie das Niederländische oder Dänische!* Memento: 10. Oktober 1941!



## 't ass Fréijoer!

Eent vun deene Gefiller, déi och bei deem Granzegste vun äis 'eppes maachen'. Mir sinn nun emol e Stéck vun der Natur a gin, ob mir wëllen oder net, mat deem, wat si äis ze bidden huet. Et ass zimlech gelungen, wéi déi eenzel vun äis et mat de Joereszäiten hunn; déi allermeescht sinn de spéiden Hierscht an de Wanter ower net grad, fir an d'Luucht ze sprangen', ower d'Fréijoer mécht knapps een ,däreg'.

An eisem Deel vun Europa gëtt et keng Sprooch, an deer net en etlech begeeschtert, vrun allem ganz romantesch Texter, dmeescht Gedichter a Liddercher iwver d'Fréijoer ze fanne sinn; natierlech och iwver de Summer an den Hierscht. Et kënn een am Lëtzebuergeschen e ganz flotten Owend mat Joereszäite-Gedichter vum Jos. Keup, dem Marcel Reuland, dem Tit Schroeder, dem Pol Noesen asw. maachen, déi net onbedéngt hannert deenen aus dem Däitschen oder Franséische giffe stoen... do dann och matkréien, datt eis Sprooch mat Romantik a Gefiller ëmzegoe weess... wann een si am Grëff an dobäi dat néidegt Gespier fir Rhythmus/Takt huet.

Datt aus enger ganzer Rei vu Gefillsgedichter an allen Idiomen och wonnerléif Liddercher entstane sinn, ass fir jidfer Sprooch eng gutt Saach, well esou eng kleng Spillereie bei ville vun äis fir e ganz Liewen am Verhalt bleiwen. Näischt géint déi sëllegen Zorte vu GeRapps a Rämmidämmi, déi doruechter gebläert gi fir sech ze ,defouléieren', mä 99% vun deene verblatze ganz schëtzig, och wann se nach esou en héige ,Ranking' kritt haten. Ech erlabe mir hei, iech e butzegt Fréijoersgedichtchen ze zervéieren... vläicht kann et iech gefalen:

vum Lex Roth



## Fréijoer

*D'Fréijoer kënn dobausse luussen.  
't schéngt äis alles rëm méi ronn.  
D'Blieder, déi sech nach verfuussen,  
man sech prett fir raus an d'Sonn.  
't kann een lo de Schnéi vergiessen;  
all kleng Grëtzflack, déi nach kënn,  
packt de Stär fir gläich ze friessen,  
well hien s'och am Schiet nach fënn.  
't gréngelst op all Beem an Hoen.  
D'Fréijoersbléie man äis Freed.  
D'Krukertschwäerem kumme soen,  
datt et gläich rëm besser geet.*



Mat der ,Dichterei' ass et alt esou eng Saach. Déi meescht wëllen onbedéngt hunn, datt et ,reimt'; mä dat geet net duer, apaart wann déi Reimerei zesoe mat den Hoer erbäigezun ass; wa ganz normal gebaute Sätz gedréint, verdréint, gediebelt a gefaalt ginn, bis datt se an eng Zeil erapassen. Dat ass et ower net. Vu Rhythmus kann dann och net méi geschwat ginn, well do huet een d'Gefill, wéi wann ee fir en Tango op d'Danzpist gang wier, an deem op eemol e Marsch, eng Walz an eng Polka dotëscht geroden. Heifir huet de Pol Pütz emol eng Kéier e flotte Saz gesot: *Du reims a wann s de vreck!* Genee dat ass et. Hie selwer, grad wéi de Pir Kremer haten d'Dichten an eiser Sprooch am Spaass wéi am lescht immens genësseg an der Schreif... et wier iwregens guer net ,dolaanscht', wann e jonke Mënsch sech eis zolitt Dichter giff ,brancheweis' op de Leescht huelen, fir eng akademesch Diplomarbecht ze schreiwen, an zwar vum Tun Meyer iwver de Lentz, de Rodange an den Dicks bis bei déi hei uewen ernimmt Auteuren.

## Äis ass net Eis!

Et ass net fir d'éischt, datt hei driwwer geschriwwen gëtt, watfir en Ënerscheid et am Däitschen, dem Franséischen oder dem Engleschen tëscht dësen zwéi ,Pronomen/Fürwörter' gëtt. Am Lëtzebuergeschen ass et wierklech och esou. Huet dach emol e ganz einfache Saz fir déi Saach kloer ze maachen:

**Eis** Kanner maachen **äis** Freed.

**Unsere** Kinder maachen **uns** Freude.

**Nos** enfants **nous** font plaisir.

**Our** children make **us** pleasure.

Dann ass et also grammatesch laanscht den Dill, wa mir deen däitlechen Ënerscheid tëscht *Pronom possessif an démonstratif/bsitzanzeigndem an hinweisendem Fürwort* an eiser Sprooch einfach iwverginn! Just am Regional-Lëtzebuergesche vum Kanton lechternach ass en nach dran (éis Kanner maachen is Freed). Ass dat dann elo lizenzierelei? Dann ass et dat och bestëmmt an deene ,klassesche' Sproochen, déi hei uewen ernimmt sinn! Mol driwwer nodenken, wannechglift.

## Eise Sprooch-Pad

Leider gëtt ze dacks iwwersinn, datt eis Sprooch eng Hellewull Ausdréck huet, déi einfach net Wuert fir Wuert an egal watfireng aner iwwersat kënnen ginn. Sot dach emol zu Tréier, dir gengt no eppes ,gammesen' oder ,glëschteren'; da gitt dir just grouss gekuckt! Datselwecht wier bei enger ,Schlabäizchen' de Fall... déi meescht vun äis mengen ower, dës Ausdréck giffe souwisou vun iergendwou aus dem Däitsche kommen. Wat ganz dacks net stëmmt; ech kann iech ower och net verrode vu wou. ☺

Dofir schéngt et engem net vu Muttwëll, datt an deene leschte KLACKEN all Kéier eng kleng Rëtsch vu Sätz stinn, déi een emol soll probéieren op däitsch/franséisch ze iwwersetzen. Dat hëlleft dësem oder deem ganz bestëmmt op d'Gefill, datt eise klengen ,Idiom' säin eegene Piedchen trëppelt. An domat och goldrichteg de Wee an d'Constitioun vun eisem Land stoe kënn; ganz gutt ass och, datt bei deerselwechter Geleeënheet eis typesch Dräi- a Méisproochegkeet mat eragehol gëtt!

## Fir mol op D/F ze iwwersetzen:

Dajee, fuer elo duer.

Gëff dech net esou séier, wann déi birelen.

Hien huet sech nawell gutt druginn.

Kuck, datt ech meng Suën erëmkreien!

De Jang huet sech eng Fatzeg ginn.

De Jos huet ferm dobäigemaach.

Hënt war et déck schmeier.

't kumm e Wieder, an dat huet schéi geklaakt.

Ech hat deem eng drop ginn.

Dat huet hien net verquësst.

Ech hu mir Waasser an d'Gesicht gehäit.

De Männi huet sech de Blatz aus den Ae gepiddelt

Samschdës gëtt et ëmmer Schockelaskaffi.

Déi Knippercher sinn ower kleesper.

Kuck, dass du verkënns/ewech kënn.

## Filosofi?

Wann déi ,Fléipéitercher', déi sech ëm déi däitsch Orthographie bekëmmere sech konsequent giffe bleiwen, da misst Philosophie och esou geschriwwen gi wéi hei uewendrun; Orthographie gëtt jo dann och ,Ortografie'! Datselwecht wier de Fall fir ,Psikologie', ,Filharmonie', ,Fisik' asw. Hei kann een elo soen, am Italiéneschen, dem Spueneschen oder Portugisesche giff et dee griechesche ,ph' jo och net ginn... ower huet dir ewell dru geduecht, firwat? Dat huet mat historiesch-politesche Kulturkonkurrenzen ze dinn! Déi hat/huet de franséischen a vrun allem den englesche Sproochraum ower net; do gëtt einfach de sproochleche Fong vun deenen Ausdréck respektéiert! Wann een e Wuert wéi ,Photographie' hëlt (Fotografie), dann ass kloer, datt mir et mam griechesche ,photon' a ,graphein' ze din hunn; et freet sech, firwat mir dat sollen ënnerdrécken; an et dierf een sech och d'Fro stellen, firwat MIR am Lëtzebuergeschen dem DUDEN sollen nolafen. Näischt fir ongutt, ower, *unsere Sprache ist so wenig deutsch wie das Niederländische oder Dänische!* Memento: 10. Oktober 1941!